Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, de 5te Januar 2018.

sne - infomail

> Prestation de leçons supplémentaires d'enseignement direct dans l'enseignement fondamental …

> Décharge supplémentaire pour chaque président d'un comité d'école ayant accompli un minimum de 12 années de service et occupant un poste à responsabilités particulières …

> Affectation des stagiaires-institutrices et des stagiaires- instituteurs ayant réussi à toutes les épreuves du stage et non encore nommés à la fonction …

Léif Kolleginnen, léif Kollegen,

Als alleréischt hofft den SNE/CGFP, dass dir all eng erhuelsam Vakanz hat a schéi Feierdeeg verbruecht hutt. Mir wënschen iech fir 2018 alles Guddes a virun allem eng gutt Gesondheet.

Den SNE/CGFP hat a sengem Infomail vum 20. Oktober ugekënnegt, dass hien Negociatioune mam MENJE géif féieren, ënnert anerem, zu der Indemnisatioun vun den Iwwerstonnen an zum Cumul vum « Supplément de traitement » an der « Majoration d'échelon pour poste à responsabilités particulières ».

☛ An déi 2 Dossieren ass elo Beweegung komm :

1 ☛ … Iwwerstonnen …

An enger Note vum 27. November huet de Minister Meisch ugekënnegt, dass d'Leit, déi an engem « Service à temps partiel » oder an engem « Congé pour travail à mi-temps » sinn, **nees erlaabt kréien, Iwwerstonnen ze halen**, wann si dat wënschen. Dës Mesure gëllt just net fir déi Leit, déi an engem « Congé parental » sinn.

Dës Weidere **kënnt et zu enger substantieller Erhéijung vun der Indemnisatioun vun den Iwwerstonnen**, déi elo genau nom selwechte Mechanismus wéi am « Enseignement secondaire » berechent ginn, dat heescht am Verhältnis zum momentane Verdéngscht.

Den SNE/CGFP ënnerstëtzt dës Mesurë voll a ganz.

2 ☛ … « Supplément de traitement » …

Vu dass **de Minister vun der « Fonction publique » onverständlecherweis** de Cumul vum «Supplément de traitement» an der «Majoration d'échelon pour poste à responsabilités particulières» **net zouléisst**, **huet de Minister Meisch eng Kompensatiounsmesure decidéiert** fir d'Presidente mat méi wéi 12 Joer Déngscht, déi e «Poste à responsabilités particulières» bekleeden.

Dës Mesure ass eng gutt Mesure fir d'Presidenten, virun allem, well och hei eng Parti Presidenten dës Decharge kréien, obwuel si bis elo nach keng zwee Joer am Echelon 16 vum Grade E5 waren. Dës zousätzlech Decharge gëtt als Iwwerstonnen ausbezuelt.

Mee leider ass dëst awer keng zefriddestellend Léisung fir all déi aner concernéiert Léierinnen a Schoulmeeschteren, déi an enger anerer Fonctioun e « Poste à responsabilités particulières » bekleeden a vun engem « Supplément de Traitement » beneficiéiert hunn.

Hei muss den « Tribunal administratif » elo klären, op de Minister Kersch mat senger Interpretatioun vum Non-Cumul vum « Supplément de traitement » an der « Majoration d'échelon pour poste à responsabilités particulières » richteg läit.

☛ … Affektatioun vun de Stagiairen …

Wat déi ugekënnegt Mesure zur Affektatioun vun de Stagiairen ubelaangt, **esou kann den SNE/CGFP sech mat dëser Adaptatioun vun den Affektatiounsmodalitéiten averstanen erklären.**

Si erlaben et dem Stagiaire och schonn op der 1. Lëscht ze kandidéieren ouni déi Leit, déi en Service sinn, bei de Reaffektatiounen ze benodeelegen.

Mat syndikalistesche Gréiss,
de Comité central vum SNE/CGFP

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie